

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2021

Här Meisch, Corona ass keng Excuse fir pedagogesche Stëllstand!

Säit ronn engem Joer huet d'Covid-19 – Pandemie och de Schoulalldag fest am Grëff a verlaangt den Enseignanten, de Schüler an hiren Elteren a selbstverständlech och dem Educationminister a sengen Beamten immens vill of. Ëmmer erëm muss d'Schoul sech där dynamescher epidemiologescher Entwécklung nei upassen.

Mee och scho viru Corona goufen et an eiser Schoul eng ganz Rei Problemer, virun allem pedagogescher Natur, déi sech duerch d'Pandemie nach weider zougespëtzt hunn. **Besonnenesch op deenen ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire général** – dem fréieren Technique – **dréckt de Schong ganz gewalteg!**

Säit där fir d'Rentrée 2017/18 a Kraaft getruedener Reform fënnt op dese Klassen nämlech eng quasi automatesch Promotioun statt, ouni dass de Schüler e seriöse Minimum u Wëssen a Kënnen heifir muss noweisen. **Esou avancéiert beispillsweis e Schüler, deen am Däitschen an am Franséischen 20/60 a gläichzäiteg an allen anere Fächer 01/60 an der Joresmoyenne huet – also och an der Mathé an an den Naturwëssenschaften – trotzdeem ganz normal vu 7^eG op 6^eG an duerno och vu 6^eG op 5^eG.**

A Kombinatioun mat fir d'Schüler an d'Eltere praktesch onverständlechen **Orientatiounskrittären** féiert dëst ganz heefeg dozou, dass Schüler no der 5^eG opgrond vun hire schlechte Resultater keen Accès zu deene Sektione respektiv Beruffsrichtungen hunn, déi si sech erwaart - oder zumindest erhofft - haten. **Nodeems de Schüler an och hiren Elteren duerch déi quasi automatesch Promotioun jorelaang Sand an d'Ae gestreet gouf, sti si op eemol virun zouenen Dieren!** Opgrond vu feelende Perspektiven entscheede sech dofir ëmmer méi Schüler fir e **fräiwëllege Redoublement vun der 5^eG**, an der Hoffnung, duerch besser Notten hir Orientatiounsméiglechkeeten z'erweideren. Heiduerch verléieren si awer oft nëmmen onnéideg Zäit. **Ënnert dem Stréch gëtt dem Schüler also keen Déngscht gelescht, mee seng Zukunft liichtfankeg op d'Spill gesat. Här Minister, jonk Leit fërderen a motivéiere geet definitiv anescht!**

Mee och onofhängeg vu Corona ass den Educatiounsminister der Meenung, dës Reform wär nach ze vill rezent, fir schonn eng déifgräifend Evaluatioun vun hirem Impakt kënnen ze maachen. Eng Analys soll fréistens „*an e puer Joer*“, also wuel no deenen nächste Chamberswalen, duerchgefouert an duerno eventuell Upassunge gemaach ginn. Fir d’Enseignanten, déi während hirer Aarbecht mat de Schüler Dag fir Dag déi desastréis Auswierkunge vun där Reform hautno erliewen, ass dës Ausso e Schlag an d’Gesicht! **Här Meisch, wann et iergendwou brennt, da kucken d’Pompjeeën och net no, bis d’Haus komplett ofgebrannt ass, mee läschen d’Feier esou séier ewéi méiglech, éier et och nach op aner Haiser iwwergräift!**

E weidere grouss Problem sinn déi duerch d’*Commission des aménagements raisonnables* (CAR) an d’*Commission d’inclusion scolaire* (CIS) ausgeschwaten Hëllefstellunge fir Schüler mat besonnesche Besoinen, deenen hir Unzuel an de leschte Jore staark zougeholl huet. Dës Hëllef si prinzipiell gutt gemengt an duerchaus sënnvoll fir déi Schüler, déi se och wierklech brauchen. **Um Terrain kann een hir Allocatioun allerdéngs dacks net novollzéien. Ausserdeem sinn se an der Praxis heefeg kaum ëmsetzbar, schafe grouss Ongerechtekeiten innerhalb vun enger Klass a werfe Froen a punkto Wäert a Vergläichbarkeet vu Prüfungen an Zensuren op!**

Konfrontéiert mat dësen an aneren akute Mëssstänn äntwert den Educatiounsminister, dass hien a seng Beamte säit dem Ufank vun der Pandemie **ronderëm d’Auer just nach mat Corona beschäftegt** wäeren an dofir guer keng Zäit bleiwe géif, fir iwwert aner Themen nozedenken an dës mat eis – als national representativ Verrieder fir den Enseignement secondaire – ze diskutéieren. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP stellt awer fest, dass iwwert de leschte Summer manifestement **genuch Zäit iwwreg war, fir ënnert anerem zwee Gesetzesprojeten auszuschaffen, mam Zil, Direktiounsposten an der ëffentlecher Schoul zukünfteg mat Leit aus dem Privatsecteur kënnen ze besetzen!**

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, **net just weiderhin op de Post-Corona-Zäitalter vertréischt ze ginn**, mee déi grouss Problemer an eiser ëffentlecher Schoul – a prioritär de Chaos op deenen ënneschte Klasse vum ESG – elo direkt duerch e **gemeinsamen Aarbechtsgrupp** unzegoen. **Am Interessi vun eise Schüler, hire spéidere Perspektiven an der Aarbechtswelt an domat och der Zukunft vun eisem Land däerf keng weider Zäit méi verluer goen!**